Dobaussen iwernuechten

Firwat solle mer dobaussen iwernuechten ?

- Well et en deel vun der CaraPio Method ass fir en Hike ze machen, an dobaussen ze schlofen
- D'CaraPio kréien hei d'Méiglechkeet fir dat wat se geléiert hun och an der Praxis un ze wenden, an ze perfektionéieren
- Fir ons Grenzen ze iwerwannen an am Grupp ze schaffen
- Well et Spass mecht
- Well een sou d'Natur „ Hautno „ erliéwe kann
- … …

Fir dobaussen ze iwernuechten soll een folgend Punkten beuechten :

1. **Organisatioun**
2. **Duerchféierung**
3. **Bilan**

E wichtegen Aspekt ass natierlech d'Secherheet, heirop muss bei all uewe genannte Punkt opgepasst ginn.

Fir dobaussen a fräier Natur ze iwwernuechten ginn et vill Méiglechkeeten, déi eng méi spartanesch, déi aner manner. Bei ons geet et net drëms fir e survival Trip ze maachen, mä fir ze weisen dass een mat engem minimum vu Material, ënnert bal all Wiederkonditioun, kann relativ agreabel a virun allem flott dobaussen iwwernuechten.

Mir huelen dofir och e Minimum vu Material mat, wat ons dofir awer e gewëssene Komfort bitt.

1. Organisatioun

Bei der Organisatioun vun der Iwernuechtung sinn fir d'éischt folgend Punkten ze klären :

- Topographie vum Terrain deen zur Verfügung steet
- Wat huelen ech vun Material mat, opstellen vun enger Materiallëscht.
- Feststellen vun den Kliniken déi Dengscht huet, a wou een och Nuets Hëllef hier kritt wann eppes sollt geschéien. Dest ass speziel wichteg am Ausland wou mer net kënneg sin !
- Wéivill Leit brauche mer fir den Encadrement

Mir fänken also domat un fir ons eng Schlofplaz eraus ze sichen, am bäschten e puer fir direkt eng Alternativ ze hun wann mer déi gewenschte Plaz net kennen kréien. Den Terrain musse mer ons ukucken, an zwar am bäschten soulaang et nach hell ass, sou dass een eventuel Probleemer a Geforen erkennt.

Vu dass et net erlabt ass fir wëll ze campéieren, ass et am bäschten wa mer beim Propriétaire vum Terrain nofroen fir deem seng Autorisatioun ze kréien. Et ass och nie falsch sech beim Fieschter vun der Regioun ze mellen an Him mat ze deelen wat mer wëlles hun, bei der Geleegenheet kann een och froen wou een Brennholz

fend, resp. op et iwerhapt erlabt ass e Feier ze machen, a ville Länner ass dat besonnech am Summer wéinst akuter Feiergefor a Bëschbränn verbueden. Dest ass onbedengt ze beuechten !!!

Wann d'Plaz kloer ass an mer all Autorisatiounen hun musse mer jidereen deen mat geet informéieren wat do op ons zou kennt. Bei gudde Wiéderkonditiounen an am Summer ass dat eng ganz aaner sach wéi am Wanter bei Keehlt a Schnéi.
Jiddereen muss wëssen wat Hién un perséinlechem Material brauch, Schlofsak, Carrymat, Gezei, …
Am bäschten ass et fir dat an enger Versammlung ze klären, wou jidereen säin Material mat brengt, a mer sou kennen kucken op jidereen gudd genuch equipéiert ass, sou hu mer d'Chance fir nach an ze gräifen Ier et ze spéit ass.

Besonnech bei onerfuerenen CaraPio ass et wichteg fir Hinnen dat néidecht Wëssen ze vermëttelen :

- Wéi bleiwen ech drechen ?
- Virwat get et mer iwerhapt kaal, a wéi kann ech dat verhenneren ?
- Watreng Roll spillt d'Ernährung ?
- Tipp's an Tricken wann et extrem get …

2. Duerchféierung

Ier mer lass zéien ass et wichteg fir dat néidecht Material dobäi ze hun, kuck deng Materiallëscht, sou verhenneren mer dass mer eppes vergiéssen, resp. och dass mer duerno eppes am Bësch léien lossen.

Mir mussen ons och dovun iwwerzeegen, dass mer den Terrain an d'Plaz erem fannen, dat ass besonnech am däichteren net onbedengt sou einfach, also am Virfeld markéieren wann et net evident ass, z.b. mat Bännecher.

Beim ariichten vun der Schlofplaz ass virun allem wichteg dass :

- des dréchen ass, also net onbedéngt an enger Supp läit, oder an engem Bett vun enger Baach, dat bei Reen op eemol Wasser féiert.
- des Wandgeschützt ass, d.h. dass d'Säiten vun der Tarpe bis op de Buedem gespaant ginn an onbedéngt drop opgepasst gëtt, dass mer net am Duerchzuch leien, noutfalls eng Säit komplett mat Reiseg oder Gestrëpp zoumaachen
- D'Entrée vun der Tarpe natierlech net op der Säit ass vu wou de Wand bléisst, a wou et doduerch era reent
- d'Tarpe net méi héich gespaant gëtt wéi onbedéngt si muss
- … …

E Feier mache mer natierlech no alle Regelen vun der Konscht, fir ze verhenneren dass et sech ongewollt ausbreed.

<u>Mir lossen NIE e Feier ouni Opsicht !!!</u>

No der Iwernuechtung get alles agepakt an d'Plaz gebotzt, d'Feier gründlech geläscht an och d'Feierplaz rem ewech gemach, et soll een net mirken dass mer hei waren, well mir doen ons an aneren Truppen keen Gefalen wann mer de Knascht léien lossen an mer ons sou all weider

Chance fir nach eng kéier do ze iwernuechten verbauen.
An denkt drun : E Scout verléisst d'Welt emmer e bessen besser wéi en se virfond huet.

3. Bilan

De Bilan ass wichteg fir erauszefannen op d'Iwernuechtung gutt ukomm ass, op et Spass gemaach huet, mee awer och op mer gudd genuch préparéiert waren. Wat war net gutt , kann een vläicht direkt eng Alternativ festhalen, wat een déi nächste Kéier besser oder aanescht mecht.
Dobäi kënnt natierlech nach de perséinleche Fortschrëtt, hu mer eppes bäigeléiert, CaraPio a Chef, hu mer eng Erfarung gemaach, positif oder negatif.